

Candidature pour les élections d'un délégué des pompiers volontaires assistant aux réunions du conseil d'administration du Corps grand-ducal d'incendie et de secours

Virnumm: Dr Boris

Numm : LIEDTKE

Matricule : LIBO01

Cadre: fräiwëllegen Pompjee am CIS Bertrange-Strassen

Gebuertsjoer : 1969

Meng Motivatioun:

D'Zuel vun den operative Fräiwëllegen Pompjeeë (PV) geet all Joer em 3% erof, wärend eis Populatioun em bal 2% eropgeet. Dëst ass net nohalteg. Als verzweifelt Geigenmoossnam rekrutéiert de CGDIS verstäerkt professionell Pompjeeë fir déi vakant Platzen ze fëllen. Obwuel déi professionell Pompjeeë (PP) sécherlech eng Beräicherung fir den Rettungsdéngscht ze Lëtzebuerg sinn, missen mir och realistesch sinn. En professionellen Pompjee ass ronn 50-mol mei deier wei en Fräiwëllegen. Mat den aktuellen Virgaben vum CGDIS wier et net finanzéierbar iwwerall wou Hëllef gebraucht gëtt professionell Pompjeeën ze stationéieren. Ganz dovun ofgesinn, dat am Rekrutéierungspool vun den professionellen Pompjeeën och vun der Police, Arméi, Douane an aneren staatlechen Acteuren gefëscht gëtt.

Dofir muss den CGDIS Aktivitéit als fräiwëllegen Pompjee nees attraktiv maachen. D'Zil muss et sinn, just déi gréisser Standuerter mat PP ze besetzen an genuch Fräiwëlleger ze fannen, déi eng kontinuéierlechen Besetzung vum ganzen Land kennen garantéieren. Dat ass dat Zil fir dat ech mech gären géif asetzen. Och wenn Méiglechkeeten als "Délégué vun den PV" am Conseil d'Administration beschränkt sinn, sou heescht dat net dat een den Fräiwëllegen net erëm kann eng Stemm ginn.

Fierwat sollt Dir mech wielen:

Ech hunn Iddien déi ech der Wäert fannen fir ëmgesat ze ginn. Dofir hunn ech Motivatioun an virun allem och Zeit déi ech kann investéieren. Dat politesch Spill ass mir vertraut an ech hunn och keng Angscht meng Iddien kontrovers ze diskutéieren. Ech loossen mir och net esou einfach iwwer den Mond fueren.

Follgend Projeten fir déi Fräiwëlleg géif ech gären ugoen:

- Graden vun den fräiwëllegen Pompjeeën sollten net nëmmen vun Coursen an Déngschtjoeren ofhänken mee och Permanencezait sollt do consideréiert ginn.
- En CGDIS-PV Summeraustauschprogramm (nieft dem HIT) mat Pompjeeën aus Portugal, Spuenien, an Italien aféieren em vun hirer Erfarung am Vegetatiounsbränn ze profitéieren.
- Eng éierlech Diskussioun mam INFS iwwer Zougangskonditiounen vun Coursen an aféieren vun engem Cours fir Maschinisten.
- Eng Unerkennung vun den lokal geleeschten MdA'en. FOCO'en sinn schéin an gutt, mee och lokal gëtt och vill geschafft!
- Eng Indexéierung vum 1 Euro pro astreint Permanence Stonn.
- Weil vill fräiwëlleg Pompjeeën op enger Plaz schaffen awer soss anzwousch wunnen, sollt et offiziell erlaabt sinn an zwee CISen gläichzäiteg aktiv ze sinn. Dat sollt net vun der Courtoisie vum Département des pompiers volontaires ofhänken.
- All aktiven PV sollt sein Chef de Centre duerch geheim Wal eemol all 4 Joer confirméieren kennen.
- Conge speciale ilimiteiren op d'Lirwenszait vom Pompjee vun 10 Deeg am Joer.
- Afeierung von enger CGDIS-PV Kaart fir all PV mat der Dir Remise vun effentlieche Firmen kritt.

Meng Kompetenzen / Meng Erfarungen fir dësen Posten:

Ech hunn eng breet Erfarung an der Gerance an enger Zuel vun verschiddenen internationalen Organisatiounen:

- Verwaltungsrot Member an COO vun DWS Fund Management, Frankfurt mat iwwer 1000 Mataarbechter
- CEO vun Deutsche Asset Manager Asien, Singapore mat iwwer 250 Mataarbechter
- Chef vun der Deutsche Bank Group, Luxembourg mat iwwer 1000 Mataarbechter

Als Entrepreneur hunn ech Geschäft a verschiddene Länner etabléiert, wat mech geléiert huet effizient ze schaffen:
- Equity Broker an Korea, Taiwan, Indien mat bis zu jeeweils 50 Mataarbechter.
- Nei operationell Projeten an den USA, Däitschland a Lëtzebuerg

Méin akademeschen Hannergrond erlaabt mir divers Themen objektiv an analytesch unzegoen:
- Master of Arts St Andrews an Ekonomie, Philosophie an Geschicht (1991)
- Doktorat London School of Economics an wirtschaftlecher Geschicht (1996)
- Assistant Professor London School of Economics (1994)
- Distinguished Executive Fellow INSEAD Business School (2016)

Meng Erfarung beim CGDIS huet 2023 ugefaangen, mee ech hunn séier eng néi Passioun fonnt, där ech gären vill Zäit widmen. Sou kommen ech 2024 aleng op:
- Iwwer 6000 Stonnen op Permanence (rout a wäiss Säit)
- Op bal 120 Interventiounen aleng op der rouder Säit

Ech hunn Erfarung wat Comitéen an Conseilen ugeet. Sou vertrieden ech eng politesch Partei an der Stad Lëtzebuerg an de follgende Kommissiounen:
- Commission Affaires du Patrimoine
- Commission des Finances

Wierder déi mech am beschten Beschreiwen:

- Progressiv – An enger Welt déi sech séier verännert, kenne mir net stoen bleiwen wa mir wëllen bleiwe wat mir sinn.
- Kloertext – Eng gutt Iddi ass wéineg wäert wann se net oppen mat aneren gedeelt gëtt.
- Lauschteren – Keen ass sou schlau wie eng ganz Gemeinschaft déi en gemeinsam Ziel hunn.
- Demokratesch – Déi bescht an nohaltegst Ännerungen kommen ëmmer vun ënnen - géint de Status Quo vun uewen.